PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 10/06/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

Ab dem 14ten Mee goufe Bonge fir Covid-Schnelltester u Persounen déi de Chômage, de Revis oder eng Pensioun bezéien, un d'Stéit verdeelt. Fir all Haushalt ass dee Moment eng Këscht mat Tester virgesinn. Elo ass et esou, dass Persounen an dëse Fäll keng Këscht ze gutt hunn, falls si Personal beschäftegen (z.B. eng Botzfra) oder wann nach weider Persounen zu hirem Stot gehéieren, déi schaffen oder an d'Schoul ginn. Wärend also eng Persoun op der Schaff oder an der Schoul getest gëtt, kéinten déi aner Persounen am Stot sech net testen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung d'Iwwerleeung hannert dëser Entscheedung nach eemol erklären?
2. Firwat gouf net entscheet, fir all Stot, an deem ob mannst eng Persoun, déi ënnert déi 3 uewe genannte Krittäre fält, eng Këscht Schnelltester zur Verfügung ze stellen, fir hinnen esou den Accès zu de Schnelltester ze garantéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député